ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Digitalisatioun an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Cyberattacken hu sech mëttlerweil zu engem globalen, „mafiéisen" Business entwéckelt; déi bescht Hackere ginn engagéiert, fir zum Deel horrend héich Geldfuerderungen ze erpressen; sou huet sech haut ee weltwäite Beruffssecteur aus hinnen entwéckelt; dës Beruffshackeren hunn och d'Zil, ëmmer méi an „d'Déift" ze goen, dat heescht och déi kompliziéiertst Sécherheetssystemer ze duerchbriechen. Cyberattacke wäerte sech an Zukunft heefen an ëmmer méi perfid a professionell ginn. All Betrib, awer och all Verwaltung muss anticipéieren an däerf net waarden, bis eng Cyberattack geschitt ass. Dat betrëfft och a ganz besonnesch de Gesondheetssecteur. Wéi vulnerabel dëse Secteur ass, beweist een aktuellt Beispill: An Däitschland ass virun e puer Méint ee Covid-Patient gestuerwen, well d'Klinik duerch eng Cyberattack keen Zougrëff op säi Fichier hat. Op anere Plaze gouf et mëttlerweil änlech Fäll.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister fir d'Digitalisatioun an un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Wéi schätzt d'Regierung d'Gefor an, wat Cyberattacken op eis Klinicken am Allgemengen an op Patientendonnéeën am Speziellen ugeet? Trëfft d'Regierung Moossnamen, fir dës Gefor ze minimiséieren?
2) Wat geschitt am Fall, wou Klinicken hei am Land Affer vu Cyberattacke ginn? Ass een Noutfallplang virgesinn? Wéi gesäit deen aus?
3) Wéi vill Cybersécherheetsexperte si fir eise Gesondheetssecteur am Asaz? Wéi ginn dës Leit rekrutéiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten